N°1606
Entrée le 19.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°1606 vum 29. November 2024 vun den éierbaren Deputéierten Fred Keup an Tom Weidig**

Duebelbesteierungsofkommesse sinn ëmmer d'Resultat vu Verhandlungen tëscht zwee Staaten, déi der Steierkonventiounspolitik vun der jeeweileger Partei Rechnung droen a sech och ëmmer an een zäitlech-historesche Kontext afügen. Et ass duerfir net verwonnerlech, dass et Ënnerscheeder gëtt tëscht dem Ofkommes tëscht de Vereenegte Staate vun Amerika an Irland an deem mat Lëtzebuerg. Entgéint dem Duebelbesteierungsofkommes mat Irland enthält den Accord mat Lëtzebuerg keng Dispositioun iwwer den Accès vun de Fongen op dës Konventioun. Déi amerikanesch Säit huet eis, op entspriechend Demanden hin, och bis haut net signaliséiert, wëllen eppes un deem Zoustand ze änneren.

Fir sech an Zukunft verstäerkt um Segment vun den aktiv geréiert ETFen ze positionéieren a méi kompetitiv ze sinn, huet d'Regierung an hirem Entlaaschtungs-Pak vu Juli 2024 virgeschloen, dës Fongen op den 1. Januar 2025 vun der Taxe d'abonnement ze befreien. Den entspriechende Gesetzesprojet gouf den 11. Dezember 2024 vun der Chamber guttgeheescht.

Lëtzebuerg, den 19. Dezember 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth